N°7946
Entrée le 13.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7946 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

No erfollegräichem Ofschloss vun deem neien, vun der Uni Lëtzebuerg ugebuedene Bachelor en Formation pédagogique, deen d'Studente spezifesch op d'Ënnerriichten an de Cyclen 2-4 an de Lëtzebuerger Grondschoule preparéiert, gëtt den Absolventen ee Bachelordiplom ausgestallt, deen dem Niveau 6 vum Cadre luxembourgeois des qualifications (CLQ) entsprécht an d'Inscriptioun an d'Optioun C 2-4 vum Concours, deen den Accès an de Stage vum Instituteur-fonctionnaire reegelt, erméiglecht.

Dëst geet och aus dem Programme d'études ervir, deen d'Zilsetzung vum Bachelor en Formation pédagogique folgendermoossen definéiert: *"The learning outcomes for the requested Bachelor en Formation pédagogique (BFP) are equivalent to those defined for the existing Bachelor en Sciences de l'éducation (BScE) and described in the Leitbild für den Beruf des Lehrers / der Lehrerin. This document is based on the expectations of the MENJE and on international professional standards, and serves as a reference for the internal organisation of both the BFP and BscE."*

Vu déi akademesch Unerkennung vum Bachelor-Niveau, genee wéi déi am Programme d'études beschriwwe Gläichstellung vum Bachelor en Formation pédagogique mam Bachelor en Sciences de l'éducation an déi domat verbonnen explizit pedagogesch an didaktesch Virbereedung vun de Studenten op de Beruff vum Enseignant an der Lëtzebuerger Grondschoul duerch d'Uni.lu, ass eng Ännerung vun de besteeënde legalen Dispositiounen an dësem Kontext zum aktuellen Zäitpunkt net néideg.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH